ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

A senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5338 vum honorabelen Deputéierte Gusty Graas betreffend d'Benotzung vum offizielle Logo vun de Lëtzebuerger Ministèren zitéiert den Här Staatsminister den Artikel 232bis vum Code pénal:

*« Seront punis d'un emprisonnement de huit jours à trois mois et d'une amende de 251 euros à 5.000 euros, ou d'une de ces peines seulement, ceux qui auront fait usage à des fins non autorisées des armoiries de la Maison grand-ducale, de celles de l'Etat et des communes, du drapeau national, du pavillon de la batellerie et de l'aviation, ainsi que de tous écussons, emblèmes et symboles utilisés par les autorités et par les établissements publics. Il y a usage non autorisé des armoiries et symboles visés notamment lorsqu'il est fait : a) à des fins frauduleuses, b) à des fins commerciales, industrielles, professionnelles ou publicitaires, sauf dans les cas prévus par les lois et règlements, **ou autorisés par le Gouvernement.** »*

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Staatsminister:

1) Huet d'Regierung schonns an deem Sënn Autorisatioune ginn? Wa jo: Fir ween, wéini an a wéi engem Zesummenhank?
2) Kann den Här Staatsminister preziséieren, ob d'Regierung dës Autorisatioun vu gewësse Critèren oder Bedingungen ofhängeg gemaach huet a mécht? An anere Wierder: Gëtt et vu Säite vun der Regierung eng kloer Linn, wat d'Erlabnes ugeet, den offizielle Logo vun de Ministèren ze benotzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser, Deputéierten